1-2021-O-?-6875-01 (n° 3724)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Proposition de loi 7793

Lëtzebuerg, den 16/12/2021

2

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- De Gesetzesvirschlag 7793 freet eng Verlängerung vun der Recouvrementsprozedur;
- An hirer Positioun zum Gesetzesvirschlag 7793 schreift d'Regierung: "Aucune résidence sur le territoire luxembourgeois n'est exigée. Aucune connaissance de la langue luxembourgeoise n'est demandée. La participation au dispositif « Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg » n'est pas non plus requise. [...] aucun effort d'intégration au Grand-Duché de Luxembourg n'est exigé de la part des candidats au recouvrement de l'article 89. En termes d'accès à la nationalité luxembourgeoise, les candidats au recouvrement de l'article 89 sont donc largement avantagés par rapport aux candidats à la naturalisation, qui peuvent se sentir désavantagés." Der Regierung feelt ee perséinlechen Ustrengungsfaktor an der Recouvrementsprozedur;
- D'lëtzebuerger Nofahre wunnen deelweis ganz wäit ewech a kënnen net un présentielle Coursen hei am Land deelhuelen;
- Den INL (Institut National des Langues) an aner Instituter bidden elo schonns de Cours „Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg" a Sproochecoursen un, zum Deel och online;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. 'Recouvrementsprozedur nach eemol fir nei Demanden opzemaachen, ënnert der Konditioun, dass dës Persounen déi selwecht Kompetenze virweisen, wéi Persounen déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit iwwert een anere Wee ufroen, nämlech de Cours "Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg" an ee Sproochecours mat mëndleche Lëtzebuergeschkenntnisser op engem Niveau A2 an engem Hörverständnis vu B1 erfollegräich ofzeschléissen.

Sven CLEMENT